Association des chargés de l'enseignement national a.s.b.l.

# STOP vun der Zwouklassegesellschaft!

D'Question Parlamentaire vun der CSV an d'Äntwerte vum Educatiounsminister maachen all déi vill Mëssstänn bei der Personalpolitik an eisem Enseignement nach eemol däitlech.

D'Employéë maachen iwwert 25% vum Lëtzebuerger Staat aus an an all Beräich beim Lëtzebuerger Staat gëtt op Employéë gesat, an iwwerall hunn dës Employéen déi selwecht Aarbechtskonditiounen ewéi d'Fonctionnairen, wa si 1 zu 1 déi selwecht Aarbecht maachen.

Och an eise Schoule gëtt op Employéë gesat, mee just an eise Schoulen mussen d'Employéë **bis zu engem Drëttel** méi schaffen. Si hunn net déi selwecht Aarbechtskonditiounen, si hu keng Nominatioun, si hu keng Coeffizenten a si hu keng Altersdechargen. Um Enn musse si zum Deel an 10 Joer esouvill Coursen halen, ewéi de Fonctionnaire a 15 Joer.

Néierens beim Staat existéiert esou eng onbegrënnten Diskrepanz tëscht Fonctionnaire an Employé. D'Chargéen hunn zwar all d'Flichte vum Fonctionnaire, awer keng vun de Rechter! Op de Schëllere vun de Schwächsten am Schoulbetrib gëtt de kränkelnde System säit Joren um Lafe gehalen. Et kann awer net sinn, datt just **am Enseignement ëmmer erëm negativ Ausname** gëllen däerfen, a systematesch Leit méi schlecht bezuelt ginn, manner Rechter hunn a souguer méi Aarbecht verlaangt gëtt.

Dës Diskriminatiounen hëlt d'ACEN kee weidert Joer méi hin. D'Pandemie huet nach eemol méi ewéi däitlech gemaach, datt eisen Enseignement ouni Chargéen net méi fonctionéiere kann. Et gi Schoulen an deene 50% vun de Coursë vu Chargéë gehale ginn. Dëst ass awer net méi op d'Käschte vun der Gesondheet an den Aarbechtskonditiounen vun eise Memberen hinzehuelen.

Säit 2014 (!) weise mir déi zoustänneg Ministèren a Regierungen op de Manktem un Demokratie an der **Chambre des Fonctionnaires** hin, wou d'Sëtzverdeelung op e Gesetz aus de 60er Joren zeréckgeet, a manner ewéi 10% Employéë vertruede sinn.

Et ass keen Zoufall, datt vun der mangelnder **Unerkennung vun der Meeschterprüfung** beim Staat virun allem och erëm d'Chargéë betraff sinn. Et ass keen Zoufall, datt d'Meeschterprüfung, obwuel se Astellungscritère beim Staat ass, an der Reform vun der Fonction Publique 2015 ignoréiert gouf. Et ass och keen Zoufall, datt am **Enseignement Musical** d'Diplomunerkennung nach eemol Jore méi spéit eréischt ëmgesat gëtt.

De Stage fir Chargé a Professer ass am 1. Joer identesch. De gefuerderte Studium ass identesch. Et muss elo endlech de Fokus op **d'Qualitéit vum Enseignement** geluecht ginn, an dës Zwouklassegesellschaft gestoppt ginn. Et gëtt keng Logik derhannert, datt den Employé am Géigesaz zum Fonctionnaire Fin Carrière nach eemol 4 Stonne Cours méi hale muss.

Eis Memberen hunn elo zwee Joer gehollef ënnert schwieregste Bedingungen d'Schoulen op an de Schoulbetrib um Lafen ze halen. Iergendwann ass d'Faass awer voll.

Eis Leit si rosen, datt si net emol eng Äntwert kréien, wa si virun iwwert zwee Joer (!) hir **Fonctionnarisatioun** maache wollten, ob déi si laut Gesetz e Recht hunn! Si si rosen, datt si zwar gutt genuch si fir de Schoulbetrib ze garantéieren, awer absolut keng Rechter hunn an och no Joren am Déngscht nach vun haut op muer d'Schoul wiessele mussen.

Et gëtt keng legitim Argumenter, wisou dës Diskriminéierunge weider toleréiert sollte ginn, an d'ACEN fuerdert en **Enn vun dëser Zwouklassegesellschaft** an der Ausbeutung an eise Schoulen.

D'ACEN erwaart e séiert Ophuele vum Dialog mat konkrete Verbesserungsvirschléi scho fir déi nächst Rentrée. Et gouf joerzéngtelaang genuch op Käschte vun de Chargéë gespuert an op hirem Bockel méi Aarbecht verlaangt. Et ass elo un der Zäit endlech fair Konditiounen ze schafen, an och esou de Beruff vum Enseignant erëm méi interessant ze gestalten, aplaz sech weider ze wonneren, firwat ëmmer manner Leit an den Enseignement wëlle goen, oder frustréiert dem Enseignement de Réck dréien.

De Comité vun der ACEN